



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8125 vum 4. Juli 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.

Wéi gesinn déi ënnerschiddlech Etappe vun der Moderniséierung vun der N7 aus?

D'Moderniséierung vun der Nationalstrooss N7 ass ee vun de gréissere Projeten un deenen am Norde vum Land geschafft gëtt. D'Ëmsetzung vun dësem Infrastrukturprojet ass an dräi Sektionen ënnerdeelt, déi zesummen op eng Gesamtlängt vu 24,8 Kilometer kommen.

Fir déi éischt Sektion, déi 11 Kilometer laang ass (Fridhaff – Houschter-Déckt), ginn an absebarer Zäit déi néideg Autorisatiounen ugefrot. Fir de Bau mussen allerdéngs, nieft den archeologeschen Etüden, och nach plazeweis Deminageearbechten duerchgefouert ginn.

Déi zweet Sektion erstreckt sech iwwer 2,7 Kilometer vun Housen op Maarnech, an déi drëtt Sektion vu 6,6 Kilometer verleeft vun Hengescht op Wäiswampech.

Wéini a wou sollen déi verschidden Aarbechten ufänken?

Viraussichtlech kann d'Stroossebauverwaltung 2024 mat den Aarbechten um Terrain, respektiv de Lousen aus der éischer Sektion, ufänken.

Wéi gesäit déi zäitlech Schinn aus? Gëtt et do schonn en Iwwerbléck? Wou sinn d'Ausschreiwunge momentan drun?

D'Ëmsetzung vum Projet soll viraussichtlech insgesamt 7 Joer daueren.

D'Acquisitioun vun den néidegen Terrainen ass ugelaft, mee duerch déi laang Streck ass dëst allerdéngs e laangwierige Prozess. Onofhängeg dovunner, sollen déi zwee éischt Ausschreiwungsdossieren nach dëse Summer finaliséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 3. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch